N° 7221
Entrée le 22.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.11.2022

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 22. November 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Famill an Integratioun weiderzeleeden.

Virun e puer Joer ass de SLEMO (Suivi Logement en Milieu Ouvert) vun verschidden Acteuren am soziale Beräich an d'Liewe geruff ginn. Dës Strukturen hunn et als Ziel Inclusioun duerch Logementer vir Kanner, Jugendlecher a jonk Erwuessener mat familiären an/oder psychosozialen Schwieregkeeten ze schafen an dës Persounen bei enger eegestänneger Liewensféierung ze ënnerstëtzen.

Eisen Informatiounen no ass déi finanziell Hëllef déi dës Jugendlech tëschent 17 a 27 Joer vum Office national de l'Enfance (ONE) kréien zanter opmannst 5 Joer net méi ugepasst ginn.

An deem Kontext wéilte mir folgend Froen un d'Regierung stellen :

- Geseit d'Regierung vir, ob Grond vun der Inflatioun, den steigenden Liewenserhalungskäschten, dësen Betrag no uewen un ze passen ?
- Wann jo – wéini a wéi héich soll des Aide eropgesat ginn ?
- Wann nee – wat ass de Grond dofir ?
- Wéi vill Jugendlecher profitéieren bis dato vun dëser Hëllef ?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Deputéiert

Octavie Modert
Deputéiert

Marc Spautz
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7221 vun den honorabelen Deputéierte Martine Hansen, Octavie Modert a Marc Spautz**

Zanter dem 1. Januar 2023 ass et zu enger Hausse vun der finanzieller Hëllef fir Jugendlech a jonk Erwuessener tëschent 17 a 27 Joer, déi sech an enger SLEMO-Mesure (Suivi Logement en Milieu Ouvert) befannen, komm. Déi finanziell Hëllef fir d'Liewenserhalungskäschten ("frais de vie et de logement") gouf op 730 € eropgesat.

Aktuell (Stand: Dezember 2022) beneficiéiere 442 Jugendlecher vun enger SLEMO-Mesure.

Lëtzebuerg, den 13. Januar 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH